

NATIVE VILLAGE



Into the Wild - Aféierung an de Coyote Teaching E Weekend fir "wëll" Cheffen

22.-24.4.2022
am Keltenhaus

D'Mënschen hunn dausende Joer laang ganz intensiv an a mat der Natur gelieft, si hunn a Symbios mat de Planzen, Déieren an dem Land gelieft. Dëst am géigesäitegem Respekt vum Ginn an Huelen. D'Liewen an der Natur hat fir si och eng déif spirituuell Dimensioun.

Bei allen Naturvëlker gouf et eng Aart a Weis vum Léieren, déi bei den Urawunner aus Nordamerika „Coyote Teaching“ genannt gouf. D'Natur selwer gëtt zum groussen Deel d'Äntwerten op d'Froen. Duerch verschidden Technike léiert ee sech heirop anzeloossen.

Dir hutt d'Méiglechkeet iech während engem verlängerte Weekend ganz aktiv, praktesch a geeschteg mat de Begrëffer „Coyote Teaching“, „Naturspiritualitéit“ an och dem „Scoutismus“ auserneen ze setzen.

D'Inhalter vun dëser Formatioun sinn:

- Feier maache mat verschiddenen Techniken (Drillbou, Feiersteng,...)
- Ëmgang mam Messer, Beil, Aaxt
- Schnëtze vun Alldagsgéigestänn
- Kachen an der Natur (verschidden Techniken)
- Nätzlech Kraider kenneléieren an notzen
- Wahrnehmung schoulen an Erweiderung vun de Sënner
- Intuitioun
- Ritualer (Talking Stick)
- Liëwensrad
- Räuchertechniken

Hutt dir also Loscht op esou een „wëllen a spirituelle“ Weekend, dann mellt iech schnell iwer Formatiounsportal an der Chefbox un: [Unmeldung](#)

Dës Formatioun zielt och als Recyclage
D'Platzen sinn op 15 Participants limitéiert.

Präis: 80 €

Leedung: Cathy Kirsch an Tom Lahr



E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
CRÉER par C&F

BIL
MARKET RESEARCH & EVALUATION